N°3897
Entrée le 09.04.2026
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 10.04.2026
Chambre des Députés

piraten.lu

PIRATEN

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 09/04/2026

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir den Interieur, Aarbecht & Ëffentlechen Déngscht weiderzeleeden.**

Am Fall vu ville Krankheete kënne verschidde Leit hiren Aufgaben op der Aarbecht net méi nogoen. Eng Persoun, déi Réckwéi huet, ka keng Käschten droen. Eng Persoun, déi duerch eng Krankheet Middegkeet oder Konzentratiounsproblem verspiert, kann schwéier Stonne virum Bildschierm sëtzen oder ee grousst Gefier lenken.

Déi medezinesch Evaluatioun vun esou Fäll gëtt vu Medezinner gemaach. Den Hausdokter vun der Persoun souwéi den Aarbechtsdokter kënne medezinesch Restriktioune fir eng Persoun constatéieren, soudass dem Salarié dem Patron bescheinegt, dass hie verschidden Aufgaben net méi kann oder nëmmen nach limitéiert kann auszeféieren.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Sinn d'Restriktiounen, déi vun engem Hausdokter an/oder Aarbechtsdokter festgehale ginn, fir de Patron verbindlech, oder kann de Patron dës refuséieren?

2. Wat fir Méiglechkeeten huet de Patron, wann hien der Meenung ass, datt dës Restriktiounen net mat der Ausféierung vun der Aarbecht kompatibel sinn (z. B. Upassung vum Poste, Reklassement, Kënnegung) a wat fir Sanktioune si virgesinn, wann e Patron dës Restriktiounen net respektéiert?

3. Ginn et Kontrollmechanismen, déi iwwerpréiwen, ob d´Patronen sech un déi medezinesch Restriktioune halen?

4. Ginn et, fir déi virëg Froen, Ënnerscheeder tëschent dem normalen Aarbechtsrecht an dem

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés

öffentlechen Déngscht an tëschent dem normalen Aarbechtsrecht an dem Gemengendéngscht?

5. Huet de Staat Donnéeën oder Statistiken, wéi dacks et am Zesummenhang mat medezinesche Restriktiounen an hirer Ëmsetzung op der Aarbechtsplaz an der Fonction publique an am Gemengesecteur zu Konflikter koum?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten